N°3327
Entrée le 19.01.2026
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

**Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Här Xavier Bettel, vum Finanzminister Här Gilles Roth a vun der Justizministesch Madamm Elisabeth Margue op d'parlamentaresch Fro n°3327 vum 10. Dezember 2025 vun dem honorabelen Deputéierte Här Sven Clement**

**1. Ass d'Regierung iwwert d'Existenz vun dësem Webinar an den Aktivitéite vun der CCBLR informéiert?**

D'Regierung war net am Viraus iwwer d'Organisatioun vun dësem Webinar informéiert.

**2. Kann d'Regierung bestätegen, ob et eng direkt Verbindung tëscht den Organisateure vum genannte Webinar an der zu Lëtzebuerg registréierter ASBL "CCBLR.COM" gëtt?**

Laut den Informatiounen, déi am Lëtzebuerger Business Regëster (LBR) agedroen sinn, bestinn Iwwerschneidunge vun de Persounen, déi un der Organisatioun vum Webinar bedeelegt waren, an deene Persounen, déi an der zu Lëtzebuerg registréierter ASBL « CCBLR.COM » implizéiert sinn.

**3. Wéi ass et mat der geltender Gesetzgebung ze vereinbaren, datt eng ASBL, déi laut LBR "eng procédure de dissolution administrative sans liquidation" ass, weiderhin aktiv ka sinn an Evenementer organiséieren?**

Eng ASBL, déi zu Lëtzebuerg enger *procédure de dissolution administrative sans liquidation* ënnerläit, däerf bis zur clôture vun der Prozedur weiderhi sengen normalen Aktivitéiten am Numm vun där ASBL nogoen. Eng *procédure de dissolution administrative sans liquidation* gëtt géint eng ASBL opgemaach, wann d'ASBL als inaktiv erschéngt, well si legal Obligatiounen net erfëllt. Des Prozedur gëtt no spéitstens 6 Méint clôturéiert an d'ASBL huet wärend dësem Zäitraum d'Méiglechkeet sech zum Gesetz ze konforméieren.

Et bleift nach ze klären, ob a falls jo op wéi eng Manéier d'lëtzebuergesch ASBL an d'Organisatioun vun dësem Evenement impliziéiert war.

**4. Huet dës ASBL an der Vergaangenheet oder aktuell staatlech Subsiden, finanziell Hëllefen oder logistesch Ënnerstëtzung vum Lëtzebuerger Staat kritt?**

D'Direction générale vun der promotion du commerce extérieur et des investissements am Ministère de l'Economie huet vun 2010-2020 der CCBLR an der Belge en duerchschnëttlechen jäerlechen Subside vun 2705 € ginn. Zënterhier huet d'CCBLR keng finanziell, logistesch oder aner Ënnerstëtzung vum Lëtzebuerger Staat kritt.

**5.** **<u>Wéi bewäert d'Regierung juristesch d'Ubidden vu Berodungsservicer, déi explizit Léisunge fir d'Ëmgoe vu Finanzsanktiounen (wéi SWIFT-Spären) thematiséieren, an huet d'Cellule de renseignement financier (CRF) oder eng aner zoustänneg Autoritéit an dësem spezifesche Fall Ermëttlungen ageleet?</u>**

D'Regierung äussert sech net iwwer d'juristesch Qualifikatioun vu konkrete Faiten. Déi läit an der Kompetenz vun den Justizautoritéiten.

Net all wirtschaftlech Aktivitéiten am Zesummenhang mat Russland sinn verbueden a gewëss Paiementer bleiwe méiglech. Gewëss Servicer sinn dës weidere verbueden, wann dës sech un d'Regierung vun der Russescher Federatioun oder u Firmen riichten, déi a Russland etabléiert sinn.

Lëtzebuerg, den 19. Januar 2026

Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel